ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
**Groupe parlementaire**

**N° 4287**
Reçue le 17.05.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 17.05.2021

Här Fernand Etgen
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 17. Mee 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng Fro Nummer 3760 schreiwen déi zwee Ministeren, datt Lëtzebuerg fir d'Joer 2021 insgesamt 1,11 Milliarden Euro fir Klimaschutz ausgëtt. Weider relativéieren si dës Depensen awer folgendermoossen: "Kloer ass, datt et keng Alternativ zu engem séieren an entschlossenen Handelen fir méi Klimaschutz gëtt. Ee Verschibe vun klimarelevanten Investissementer wier, mëttel- a laangfristeg, mat wesentlech méi héije gesamtwirtschaftleche Käschte verbonnen, mol ofgesi vun den net méi réckgängeg ze maachenden Auswierkunge vum Klimawandel".

Duerfir géif ech deenen zwee Ministere gär des Nofroe stellen:

1) Wéi ënnerscheeden sech an der Definitioun vun der Regierung déi uewen zitéiert "gesamtwirtschaftlech Käschte" vun den "Auswierkunge vum Klimawandel"?
2) Op wéi een Zenario huet d'Regierung sech mat dëser Formulatioun konkret bezunn? Op wéi enger Etude berout en?
3) Kann d'Regierung eng konkret Käschten-Notze-Rechnung vun hire Klimadepensë presentéieren?
4) Wéi fléisse positiv Auswierkunge vum Klimawandel an d'Gesamtrechnung vun der Regierung mat an?
5) Wéi héich ass den Undeel vun Zäregasen an der Atmosphär insgesamt? Wéi héich ass dovun den Undeel vun den anthroprophogenen Zäregasen? Wéi een Undeel entfält dovun ob d'Lëtzebuerger Land?
6) Wéi rechent d'Regierung déi Zäregasemissiounen, déi réischt duerch hir Klimapolitik entstinn (Produktioun vun industrielle Wandanlagen, E-Autoen...) an hir Prognose mat an?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Luxembourg, le 22 juin 2021

**Service central de législation**
**Monsieur Marc Hansen**
**Ministre aux Relations avec le Parlement**

**<u>Objet :</u>** Question parlementaire n°4287 – Réponse

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous communiquer en annexe la réponse à la question parlementaire n°4287 tout en vous priant de bien vouloir en assurer la transmission à Monsieur le Président de la Chambre des Députés.

Recevez, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments distingués.

La Ministre de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Carole Dieschbourg

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung a vum Finanzminister op d'parlamentaresch Fro n°4287 vum 17. Mee 2021 vum éierewärten Députéierten Här Fred Keup iwwert de Finanzement vum Klimaschutz**

Et ass mëttlerweil onëmstridden, well duerch e sëllegen Etüden hannerluecht, datt et eis Gesellschaft emsou méi deier kascht jee spéider ee géint de Klimawandel handelt. Sou huet zum Beispill d'Europäesch Kommissioun an hirer rezenter Kommunikatioun „Mehr Ehrgeiz für das Klimaziel Europas bis 2030 – In eine klimaneutrale Zukunft zum Wohl der Menschen investieren" Folgendes ënnerstrach: *„Das Aufschieben oder das Zurücknehmen von Klimaschutzmaßnahmen ist für die Europäische Union keine Option. Wird der sich anbahnenden Klimakrise nicht Einhalt geboten, so wird dies existenzielle Folgen für unsere natürliche Umwelt, unsere Gesundheit und unsere Lebensgrundlage haben, die weit über die derzeitige Gesundheitskrise hinausgehen werden. Die langfristigen wirtschaftlichen Störungen und die negativen sozialen Folgen von Untätigkeit wären erheblich kostspieliger als kurzfristige Investitionen in ambitionierte Klimaschutzmaßnahmen."* D'Regierung deelt dës Aschätzung zu 100% an handelt deementspriechend.

Déi rezent Berichter vum Weltklimarot (IPCC), déi vun alle Länner gedeelt ginn, hunn nach eemol ënnerstrach, datt mat katastrophalen Auswierkungen ze rechnen ass wann de Klimawandel net gestoppt gëtt. Eng Alternativ zu enger ambitiéiser Klimaktioun gëtt et also net.

D'Konzentratiounen vun anthropogenen Zäregasen an der Atmosphär sinn an de leschte Joeren rapid geklommen. Sou huet d'Konzentratioun vum $CO_2$ mat iwwer 410 ppm (parts per million) 2019 ee neien Héchstwäert erreecht. Dëse Wäert war an der Atmosphär säit mindestens 2 Millionen Joeren net méi esou héich. Am Joer 2019 goufe weltwäit 55.6 Gt $CO_2$ Equivalent un Zäregasen ausgestouss. Zu Lëtzebuerg louchen d'Emissioune bei 10,7 Milliounen t $CO_2$ Equivalent. D'Zäregasemissiounen ginn no enger weltwäit eenheetlecher, vum Weltklimarot festgeluechter Methodologie berechent.